PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Net méi spéit wéi dëse Weekend huet de Premierminister eng Pressekonferenz gehalen, fir d'Bevëlkerung iwwert déi neisten Infektiounszuelen zu Lëtzebuerg z'informéieren. A senger Ried huet de Premierminister wäert drop geluecht ze soen, datt d'Propagatioun vum Virus ze stoppen ass - ob doheem oder op der Aarbecht.
Dofir sollt, dem Premierminister no, esou vill wéi méiglech op den Télétravail gesat ginn an dat och an der Fonction publique.

Verschidde Staatsbeamten, déi der Empfeelung vum Premierminister nokomme wollten, hunn eis dës Woch zougedroen, datt si den Teletravail an hire Verwaltungen ugefrot hunn, dësen awer direkt vun hirer Direktioun verweigert kruten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Setzt d'Regierung drop, dass den Teletravail an der Fonction publique applizéiert gëtt?
2. Kruten d'Direktiounen an d'Verwaltungscheffen an alle Ministèrë rezent eng entspriechend Kommunikatioun, fir dofir ze suergen, datt den Télétravail, do wou méiglech, och soll benotzt ginn?
3. Bei wiem kënnen d'Beamten sech beschwéieren, am Fall wou e Virgesetzten den Télétravail refuséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député